



Eise Comité:

Claude Bache (President a Caisiër); Lex Roth (Vize-President); Patrick Kaell (Sekretär); Mariette Atten-Haag, Patrick Ehlinger, Yuri Miny, Suzette Schmit-Lehnertz a Vic Weber (Members)

Wann Dir der AL wëllt en Don maachen, dann iwwerweist op de Konto IBAN LU24 0019 4655 0203 7000 vum Fonds culturel national mat der Mentioun „Agrément N° 2024/147 Actioun Lëtzebuergesch“

Nächst Klack (Nr. 321): Samschdes, den 2. Mee 2026



Nieft der Éimaischen an der Stad, fënnt een se och zu Nouspelt.

(Archivfoto: Alain Piron)

Éimaischen

Op Ouschterméindeg gëtt an der Stad (um Fëschmaart) (an zënter 1957 och zu Nouspelt) e Lëtzebuergesche Vollecksfest gefeiert, dat och nach een typesche lëtzebuergeschen Numm huet: **d'Éimaischen**. Den Numm kënnt aus der Bibel. Op deem Dag, wou fréier d'Guilde vun den Aulebäcker hir Ouschtermass an der Méchelskierch gefeiert an duerno hir Wuere verkaaft huet, gëtt traditioneller Weis d'Evangelium vun den „Emmaus-Jünger“ (Lukas 24,13-35) gelies Et ass d'Geschicht vun deenen Zwiéin, déi um Ouschterdag ënnerwee ware vu Jerusalem op Emmaus, a wou dunn deen operstanene Jesus mat hinne gaang ass,

ouni datt si hien erkannt hunn. Aus dem Numm vun dëser Uertschaft, déi ronn 12 km vu Jerusalem ewech louch, huet sech de Lëtzebuergesche Numm vum Vollecksmaart entwéckelt, op deem bis haut ë. a. déi flott Péckvillecher verkaaft ginn. Den 30. November 2018 gouf d'Éimaischen iwwregens op d'Lëscht vum immaterielle Kulturpatrimoine vun eisem Land ageschriwwen.

D'Actioun Lëtzebuergesch ass d'31. Joer och mat enger Kamera op der Éimaischen, fir de Leit e puer Froen iwwer eis Sprooch an eis Gebräicher ze stellen. C.B.

Vu Bomien a Kandskanner

Ech hat gemengt ech wier eng modern Bomi. Wéi ech awer dunn sou eng Rëtsch Wieder zougedroe krut, mat deenen déi Jonk vun haut sech ënnerhalen, gouf ech eppes Bessere beliéiert.

- Slay Queen, soll ech dat do hanner rizen?
- Säin T-Shirt gesäit goofy aus, ech hu mech goofy beholl!
- Ma du krut ech grad e Side Eye vun him.
- Cringe!

Hu Dir dat verstanen? Ech probéieren ze iwwersetzen:

- Wow! Staark! Dat do hannen! Soll ech mäi ganze Charme spille loosse?
- Säin T-Shirt gesäit zwar zimlech komesch aus, ech hu mech tollpatscheg beholl!
- Ma du krut ech en ofwäertende Bléck vun him!
- Wat hunn ech mech blaméiert!

Warscheinlech ass et eng Moudenerscheinung a verschwénnt mat engem gewëssen Alter nees. Mir kenneng aus eiser Zäit

och sou Wieder, en etlech hunn iwwerlieft. Do fällt mir spontan dat hei an: eng **Sidddekärchen!** Wie weess nach wat dat ass? En englescht Wuert dat mir komplett verléitzebueggesch hunn: side car, (e Motorrad un dem e Weenchen hänkt), mä et gëtt bal keng méi, si si net méi „in“. Aner Wieder benotze mir nach reegelméisseg an ouni laang nozedenken. Si hunn sech an eiser Sprooch breet gemaach: Wow! Okay, cool, Ketchup, Chipsen, Lobby, T-Shirt, Interview, Babysitter, Computer, Laptop, (Swimmingpool) ...

Déi neiste Wieder sinn opkomm zanter mir Facebook hunn. Mir like, **mir sharen** ... Dee leschte Kreesch: eis Gemenge baue Shared Spacen.

A propos, do fällt mir nach eppes an, dat ass e lëtzebuergesch Wuert wat d'selwecht ausgeschwat gëtt, mä eppes komplett aneschten wëll soen: hie **kënt geschäert**, hien, hatt, si **schäert** beim Chef! Mä eis **Kaz schäert** am Gaart.

Eppes hunn ech draus geliéiert: Wann s de wëlls „in“ sinn, muss de derfir suergen zu jidder Zäit um lafenden ze bleiwen, da bass de eng „cool“ Bomi.

Cringe?

S.L.

Eis Sprooch als Identitéit - mee net als Ausgrenzung

A menge Coursen hunn ech mat ganz ville verschiddene Leit ze dinn - verschiddene Nationalitéiten, sozial Hannergrënn a Liewensweeër. Déi eng liewen zënter Joren hei am Land, anerer sinn eréischt ukomm. Wat si verbënnt, ass de Wonsch, eis Sprooch ze léieren, fir sech ze integréieren a mat de Lëtzebuergesche ze schwätzen.

Do stellt sech mir d'Fro: Gehéiert een eréischt dozou, wann ee Lëtzebuergesch schwätzt?

Fir mech ass eis Sprooch eng Bréck. Wann ee Lëtzebuergesch schwätzt, gehéiert een dozou - egal aus wéi engem Land ee kënnt. D'Sprooch schafft Verbindung, si mécht Dieren op a bréngt Mënschen zesummen.

Wat ech als Lëtzebuergesch-Proff geliéiert hunn, ass virun allem Gedold ze hunn. Gläichzäitig gesinn ech, wéi motivéiert vill Erwuessener sinn. Eng Motivatioun, déi geniert gëtt vum déiwe Wonsch, dat Gefill ze hunn, ukomm ze sinn. Et erfuert vill Courage, viru frieme Leit eng nei Sprooch ze schwätzen. An da kënnt dee Moment, wou den éischte Saz ouni Feeler a mat enger

schéiner Aussprooch geléngt. Ech gesinn an hiren Aen wéi houfreg se sinn. An da fänken déi éischt richtig Gesprécher un.

Heiansdo entstinn och witzeg Situatiounen. Eng Madamm huet emol gesot, si géif moies ëmmer eng „Schmier mat Gebëss“ iessen - si wollt natierlech „Gebeess“ soen. Oder en Här, deen an enger Reunioun erkläert huet, en hätt eng „Fra“ amplaz eng „Fro“. Dat sinn déi Momenter, déi äis zesumme laache loosse an d'Angscht viru Feeler huelen.

Eis Sprooch soll Identitéit sinn, mee keng Ausgrenzung. Si soll verbannen an net trennen. An all Mënsch, dee sech traute, Lëtzebuergesch ze schwätzen, mécht e Schrott a Richtung Zesummeliewen.

All Kéier, wann ech gesinn, wéi ee sech traute säin éischte Saz op Lëtzebuergesch ze soen, gëtt mir bewosst: Integratioun fänkt net bei Perfektioun un, mee beim Courage. Eis Sprooch ass net do, fir ze testen, wien dozou gehéiert. Si ass do, fir ze verbannen. A vläicht ass dat hir gréisst Stærkt.

Corinne Glesener



All zwee Joer organiséiert déi Biber Sektioon vun de „Frënn vun Roude Kräiz“ e grouse Bichermaart, un deem eng Rei Auteuren deelhuelen, wou awer och jiddere seng Bicher, déi hien net méi brauch, un de Mann (oder un d'Fra) bréngen kann. Déi lescht Joren hat dee Bichermaart ëmmer e grouse Succès.

Bei der 2026er Editioun vum **Biber Bichermaart** ass d'Actioun Lëtzebuergesch och nees mat engem Stand vertrauden. All Frënn vun neien an ale Bicher sinn häerzlech wëllkomm. Rendez-Vous **Sonndes, de 26. Abrëll 2026 vun 10 bis 18 Auer** zu Biber am „Fancy“.



De Witz-Eck

Beim Coiffer

Seet e Mann zu sengem Coiffer:

- „Dëse Samschdeg bestit sech eng Frëndin vu menger Fra. Kënn Der mer d'Hoer wann ech glift esou schneiden, datt ech net méi brauch mat dohinner ze goen?“

Op Besuch

- „So, Pitti, dat ass awer léif, datt s du virum lesse biets. Mëss de dat och ëmmer doheim?“; freet d'Tatta hiren Neveu.“

- „Neen, do weess ech jo, wat ech kréien.“

(nach vill méi Witzer fannt Dir am Jérôme Lulling sengem Buch „170 Witzer op Lëtzebuergesch“ - ze kréie bei der AL)



D'Kläckelchen 319

(eng Rubrik fir déi Jonk, a fir déi, déi sech jonk fillen)

Opléisung vum Rätsel vun der Kläckelchen 319

Grousst Mamendéier, dat am Mier leeft (3 Buschtawen): WAL

Wichtigst Evenement vum 3. Oktober 2025 (12 Bst.): Trounwiesel

Alen Ausdrock vun 1859 fir „Damplokomotiv“ (8 Bst.): Feiervon

Plaz, wou ee Medikamenter kafe kann (6 Bst.): Apdikt

Hie fléckt d'Ozonlach mat Kachkéis (10 Bst.): Superjhemp

Italien huet op der Landkaart d'Form vun engem ... (7 Bst.): Stiwweil

Wéi gëtt den 31. Dezember nach genannt (9 Bst.): Silvester

Lëtzebuergesche Ausdrock fir Feuerwerk/ feu d'artifice (11 Bst.): Freedefeier